ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet, allgemeng gesinn, ee Mangel un Dokteren - en Ëmstand, deen sech duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem nach verschäerfe kéint. Bis elo hunn eis Dokteren hir Studien am Ausland gemaach.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Vun all de Medezinsstudenten, déi am Ausland hir Studie gemaach hunn sinn: Wéi vill Studente sinn erëm zréck op Lëtzebuerg komm, fir hei als Medezinner ze schaffen? Kann d'Madamm Gesondheetsministesch eng Oplëschtung maachen, wéi vill Medezinner genee an der Vergaangenheet an deenen eenzele Joren zeréckkomm sinn, opgeschlësselt op déi lescht 20 Joer?
2. Vun all de Medezinsstudenten, déi an de leschten 20 Joer als fäerdeg Dokteren op Lëtzebuerg zeréck komm sinn, fir hei ze schaffen: Kann d'Madamm Ministesch oplëschten, a wat fir enger medezinescher Fachrichtung déi eenzel Doktere schaffen?
3. Gëtt et eng Oplëschtung, wéi vill Lëtzebuerger Medezinner insgesamt no hirem Studium net méi zeréck op Lëtzebuerg komm sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten